



Zesumme mat der Société des naturalistes luxembourgeois (SNL) an am Kader vun der Année Européenne du Patrimoine



invitéieren d'Frënn vum natur musée – Les Amis du Musée national d'histoire naturelle an d'SNL iech

Sonndes, den 22. Abrëll 2018

op eng Dages-Excursioun an zwou interessant historéisch Carrièren am Norden vum Land:

D'Antimon-Carrière vu Goesdorf an d'Koffergrouw vu Stolzebuerg



Schon zur Zäit vun de Kelten an duerno de Réimer wor Géisdrëff bekannt fir séng Erzgrouw, aus där haaptsächlech Antimon erausgefördert gouf. Antimon ass en zimmlech seelent Metall dat fréier an der Kosmetik, an der Alchemie an an der Medizin an nach fir vill aner Saache gebrauch gouf. Haut gët et nach gebrauch bei der Produktioun vun Accumulateuren.



Stolzebuerg ass och schon zanter méi wéi 500 Joer bekannt fir säi kofferräichen Ënnergrond. Vun +/- 1850 bis 1938 gouf hei Koffer a grouse Quantitéiten erausgeholl. An de läeschte Joeren gouf vill ënnerholl fir d'Carrière an hir interessant Geschicht fir de Public zougängelech ze maachen.

Zesumme mam Mineralog vum MNHN, dem **Simon Philippo** besiche mir déi 2 Minen a kréien interessant geologéisch, historéisch a mineralogéisch Informatiounen zum Thema. Ënnerwee gët et och bestëmmt nach Interessantes aus Fauna a Flora z'entdecken.

Programm:

- Rendez-vous an Départ um 9.30 Auer op der Stater Gare (Parking Post)
- Zwëschestopp um 9.40 Auer zu Dummeldéng um Parking vun der Gare
- Zwëschestopp um 10.00 Auer zu Ettelbréck um Busarrêt virum Cape (Place Marie-Adelaïde)
- Mëttegiessen am Restaurant Koeppe Jemp: Entweder:
Menu 1: Waarme Geessekéis mat Lëtzebuenger Hunneg a frëscher Zalot
Menu 2: Kniddele mat Bauerespeck, Rahm a frësche Kraider
- Retour zu Lëtzebuerg géing 18.00 Auer

Präis: 37 € (Transport, Féierungen, Entrée a Menu sec abegraff)

Umeldung, am léiwsten per email: frenn@mnhn.lu oder per Telefon 462240-320 bis **spéitstens den 18. Abrëll. Gitt bei der Umeldung onbedéngt un, wou der an de Bus eraklammt a wat fir e Menu der wëllt!** Weider Renseignement am Sekretariat vun de Frënn: 462240-320 oder frenn@mnhn.lu.

NET VERGIESSEN: Waarm Kleedung, fest Schong, Täscheluucht oder Kappluucht.

Mat beschte Gréiss vum Comité vun de Frënn vum natur musée a vum Comité vun der SNL